N°807
Entrée le 29.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.05.2024

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„Aus der Press si mir gewuer ginn, datt bei der Police weider geplangt gëtt, fir déi intensiv Rekrutéierung vun zousätzlechem Personal weiderzedreiwen. D'Kommissariater an d'Kriminalpolice sollen opgestockt ginn. Dat ass sécher luewenswäert. Well d'Präsenz vun der Police um Terrain ass eminent wichteg.*

*Eis ass awer rezent zougedroe ginn, datt d'Police um Flughafen (Findel) net extra präsent wier, wat, mat Bléck op déi Dausende vu Passagéier, déi do all Woch an- an ausginn, eng gewësse Veronsécherung ausléist.*

*Aus deem Grond wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

- *Wéi gesäit d'Organisatioun vun der Police um Findel konkret aus?*
- *Wéi vill Beamte sinn do reegelméisseg am Asaz?*
- *A wat fir engem Mooss ënnerscheet sech hir Aarbecht vun där vun der Douane?*
- *Ass et virgesinn, fir d'Präsenz vun der Police um Flughafen ze verstäerken a méi visibel ze maachen?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu